piraten.lu

N°3606
Entrée le 06.02.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 09.02.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/02/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wunnengsbau weiderzeleeden.**

D'Mietgesetz gesäit zënter 2024 vir, datt am Fall vun enger Locatioun duerch een Agent immobilier oder engem anere Mëttelsmann d'Kommissioun tëscht Proprietaire a Locataire jee zur Hallschent gedeelt ginn.

A rezenten Online-Annoncen ass ze gesinn, datt d'Agencen elo iwwert de Wee vun „Membership fees", „administrative fees" oder aneren eemolege Pauschalen pro Openthalt oder pro Kontrakt probéieren, fir iwwert dëse Wee dës Obligatioun z'ëmgoen, andeems een d'Kommissioun net beim Numm nennt, mee einfach aneschters verpaakt, fir esou d'Kommissiounskäschten vun der Vermëttlung eenzeg dem Locataire zouzeschousteren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass d'Regierung sech bewosst, datt am Beräich vun der Wunnengsvermëttlung, dës „Memberships" oder „Service fee" bezeechent Käschten erhuewe ginn?
2. Sinn dës Käschten am Kader vum Mietgesetz als Kommissiounen/Vermëttlungsgebühren ze bewäerten? Falls jo, wéi eng Krittäre mussen dofir erfëllt sinn?
3. Goufen et schonns virun der Ännerung vum Mietgesetz 2024 an der Opspléckung vun de Loyerskommissiounen esou Gebühren?
4. Wéi sollen sech potenziell Locatairen uleeën, wann si mengen, dass si Agencen iwwert dëse Wee probéieren, fir d'Kommissiounskäschten op si ofzewälzen? U wéi eng Verwaltunge kënnen si sech hei wenden?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

5. Mat wéi enge Strofe mussen Agencen a Proprietairen rechnen, wann d'Kommissiounskäschten net opgedeelt ginn, esou wéi d'Gesetz et virgesäit?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten